PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 21/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Wéi d'Agence France-Presse matdeelt, huet Dänemark beschloss, dem däitsche Bundesland Schleswig-Holstein 55'000 Dosen AstraZeneca Vaccin zur Verfügung ze stellen. An Dänemark gëtt dëse Vaccin net méi agesat, an dofir huet sech déi Dänesch Regierung bereet erkläert, hiren Noperen ze hëllefen, nodeems de Ministerpresident vum Bundesland dëst gefrot hat.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Steet d'Regierung a Kontakt mat Dänemark an anere Länner, déi am Besëtz vu Vaccine sinn, déi si an hirem Land net méi verimpfe wëllen?

2. Huet d'Regierung schonns bei der Dänescher Regierung ugefrot, op nach weider Dosen AstraZeneca disponibel sinn?
   - Falls jo, wat war d'Reaktioun vun der Dänescher Regierung?
   - Fall nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député